WAT ASS „PISA“?

„PISA“ steet fir „**P**rogramme for **I**nternational **S**tudent **A**ssessment“ (Programm fir international Evaluatioun vun de Schüler) an ass e Projet vun der OECD (Organisatioun fir wirtschaftlech Zesummenaarbecht an Entwécklung).

PISA kuckt an alle 67 Länner, déi um PISA-Test deelhuelen, wat d'Schülerinnen an d'Schüler vu 15 Joer wëssen a wat se kënnen.

Getest gi Mathematik, Liesen a Naturwëssenschaften.

WÉI GEET PISA?

PISA gëtt all 3 Joer duerchgefouert. Vu Kéier zu Kéier ännert de Schwéierpunkt. Bei PISA 2012 läit de Fokus op Mathematik.

WIEN A WÉINI GËTT GETEST?

All d'Schülerinnen an d'Schüler, déi tëscht dem 01.01.1996 an dem 31.12.1996 gebuer sinn, maache beim Test mat.

Den Test ass am Abrëll a Mee 2012 a geet iwwer e Moien.

WICHTEG!

D'Auswertung vum Test ass anonym.

IWWREGENS:

Du däerfs selwer entscheeden ob s du de PISA-Test op Däitsch oder op Franséisch maache wëlls.

Bréng w.e.g. en Täscherechner an e Lineal mat.

MÉI INFORMATIOUNEN:

WWW.PISA.MEN.LU
WWW.PISA.OECD.ORG

MINISTÈRE DE L'ÉDUCATION NATIONALE
ET DE LA FORMATION PROFESSIONNELLE
Service de coordination de la recherche
et de l'innovation pédagogiques et technologiques

UNIVERSITÉ DU LUXEMBOURG

OECD